N°1545
Entrée le 19.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.11.2024

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus an un d'Madamm Ministesch fir d'Digitaliséierung weiderzeleeden:

„Den *International Institute for Management Development (IMD)* huet rezent de neien *‚World Digital Competitiveness Ranking 2024'* veröffentlecht. Den Haaptfokus läit op der Kompetitivitéit, an de Rapport mécht de Verglach tëschent 67 Länner, a wéi wäit si hir Verwaltungen a Geschäftsmodeller duerch digital Technologien ënnerstëtzen a veränneren.

Am Verglach zu 2019, wou Lëtzebuerg un 21. Stell placéiert war, ass de Grand-Duché am Rapport vun 2024 op déi 29. Plaz geréckelt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus an der Madamm Ministesch fir d'Digitaliséierung follgend Froe stellen:

- Viru 5 Joer war Lëtzebuerg besser placéiert wéi haut, dëst trotz villen Efforten an der Matière. Op wat féieren den Här an d'Madamm Minister d'Resultat vu Lëtzebuerg am Rapport vun 2024 zeréck ?
- De *World Digital Competitiveness Rapport* baséiert op diversen Indicateuren. Wat fir Efforte ginn an deene verschiddene Beräicher gemaach, fir dass Lëtzebuerg op deene verschiddene Punkte ka verbesseren ?
- Dem Presseartikel no wier Lëtzebuerg och bei der Flexibilitéit zeréckgaange wat d'Reaktivitéit bei Risiken a Chancen ugeet, grad wéi bei der Notzung vu sougenannte *Big Data* an *Analytics*, besonnesch bei de Betriber. Wat kann hei gemaach gi fir dëst an Zukunft ze verbesseren ?
- Wéi wichteg ass d'Installatioun vun engem neie Supercomputer a vun engem Quantecomputer an dësem Kontext ? "

Mat déiwem Respekt,

Gérard SCHOCKMEL
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu